N°90
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 25.02.2024 wéilt ech dem Minister fir Wunnengsbau eng mëndlech Fro stellen.

Säit Jore existéiert et zu Lëtzebuerg e grousse Mangel un erschwenglechem Wunnraum, dee vill Locatairen immens schwéier betrëfft.

D'Regierung wëll probéieren, dëse Problem, ënnert Anerem, duerch Pilotprojeten op Privatterrainen unzegoen.

Privat Wunnenge sollen durch eng Konventioun zu soziale Präisser verlount ginn, während de Staat d'Differenz tëscht dem abordable Loyer an dem Loyer, deen de Propriétaire kritt fir de Bailleur social iwwerhëllt.

Wéi d'Regierung ugekënnegt huet, soll de Bailleur social an dësem System dem Proprietäre en indexéierte Loyer bezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Plangt d'Regierung, dass déi abordabel Loyeren, déi d'Locataire bezuelen, indexéieren an domadder mat all Indextranche an d'Luucht ginn?

Oder wäert de Staat déi mat all Indextranche klamment Differenz tëscht dem Loyer abordable an dem indexéierte Loyer fir de Propriétaire iwwerhuelen?

Firwat fënnt d'Regierung et richteg ass, dass bei Wunnengen, déi zu soziale Präisser verlount ginn, de Loyer indexéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten